N°1898
Entrée le 05.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

An de leschte Joren ass d'Digitaliséierung am Commerce ëmmer méi wichteg ginn, dorënner och d'Benotzung vu Keessesystemer a -software. An eisen Nopeschlänner, besonnesch a Frankräich, gëtt et streng Reegele fir d'Zertifizéierung vun dëse Systemer, fir d'TVA-Fraude ze bekämpfen. Esou mussen d'Editeure vun der Software entweder eng Selbstzertifikatioun maachen oder eng Zertifizéierung vun engem akkreditéierten Organisme kréien.

D'Erfarungen aus dem Ausland weisen awer, datt och zertifizéiert Systemer duerch Modifikatioune bei der Installatioun oder duerch Duebel-Keessesystemer kënne fir frauduléis Praktike genotzt ginn. Am Kontext vun der europäescher Harmonisatioun vun der TVA-Gesetzgebung ass et wichteg ze verstoen, wéi Lëtzebuerg sech an dësem Beräich positionéiert an ob et eng obligatoresch Zertifizéierung fir Keessesystemer gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng legal Dispositioune bestinn zu Lëtzebuerg fir d'Zertifizéierung vu Keessesystemer a -software?
2. Wéi kënnen d'Cliente sécher sinn, datt d'Keessesystemer déi si kafen, konform zu de gesetzleche Virschrëfte sinn?
3. Gëtt et zu Lëtzebuerg eng Statistik iwwer d'Unzuel vu Fäll, wou Keessesystemer fir TVA-Fraude genotzt goufen?
4. Wéi positionéiert sech d'Regierung zum aktuelle franséische System vun der duebeler Zertifizéierung (Selbstzertifikatioun oder extern Zertifizéierung)?
5. Gëtt et Pläng op europäeschem Niveau fir d'Zertifizéierung vu Keessesystemer ze harmoniséieren, a wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg an dëser Diskussioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten